## Koschter

Ufank Dezember huet d'Lufthansa ugefaang, en Apparat an hir Fliger anzebauen, deen erausfënnt, watfer ondisziplinéiert Fluggäscht hiren Handy ugeloss resp. am Stand-by hun amplaz e wärend dem Vol auszeman. Bei der Lufthansa-Duechtergesellschaft Luxair sin se nach wäit eweg vun esou Sëcherheetsmoossnamen. De Koschter huet nach ni erlieft, dass de Kapitän d'Passagéier beim Start opgefuedert huet, hiren Handy auszeman, obschon ët e begrënnte Verdacht gët, dass déi Wellen Interferenze mat sech bréngen, di de Fliger kënnen eroffalen don, wi bei verschidden Akzidenter vermutt gët. Dës läscht huet de Koschter suguer erlieft, dass wärend engem wéinst schlechtem Wieder souwisou ganz perturbéiertem Vol ebémol en Handy gerabbelt huet. Wi di opbruechte Passagéier d'Stewardess opgefuedert hun, dee Fluggascht zurieds ze stellen, e misst säin Handy ausman, wor déi ganz verwonnert, dass een dorun eppes auszesetzen hätt. Si wor iwwert d'Geforen vum Handy-Telefonéiere wärend dem Vol iwerhaapt nët am Bild. De Koschter iwerleet sech jiddefalls d'näxte Kéier zweemol, ob e mat Luxair flitt, wann déi Gesellschaft d'Sëcherheet vun hire Gäscht nët méi seriö hëllt. Suguer di Stater Autobusse sin do méi op Zack!

**J.M.**

Wi d'Aarbechtsmaartverwaltung gefrot hat, fir geleëntlech op de Pannoë laanscht d'Autobunnen op d'Problemer vun der Aarbechtslosegkeet opmierksam ze man, krut se anscheinend vun der Sécurité routière gëenwert, do dierft nëmme fir méi Sëcherheet am Verkéier sensibiliséiert gin. Dee Grondsaz huet di selwecht Sécurité routière well vergiess. Oder wéisou däerf elo eng privat Benzinsfirma op deene Pannoë Reklam man? Hire Logo jiddefalls deen eenzege Message, deen den Autofuerer matkritt. Vun deem ville Gemools an där klenger Schrëft kann e beim Laanschtfuere näischt erkennen, ët sief dann, e kuckt vill ze vill laang nët op d'Strooss. Mä Shell hat jo och keng Problemer fir d'Liewen vun de Nigerianer op d'Spill ze setzen, fir no Petrol ze bueren. Firwat soll di Firma dann elo nët di Lëtzebuerger Autofuerer an den Dout féieren mat geféierleche Reklammen?

**m.p.**

1998 soll d'Prioritéit op nei Schoulgebeier geluegt gin, huet de Bauteminister versprach. Dat gët jo och héich Zäit. Virdrun muss säi Ministär awer emol an d'Schoul goe, fir ze léiere, wéi ee Schoule baut. De Koschter huet e Bedarfsplang fir e neit Schoulgebei gesin, do wore weder eng Proffekonferenz nach Spezialsäll fir Geschicht, Geographie asw. virgesin. An enger neier Cafeteria, di dëser Deeg an enger bestehender Schoul ageweit gouf, schaalt ët därmoossen, dass wann een séng Forschett néierleet, de Noper nët mi ka weiderschwetzen. A wi d'Schoul du mat eegene Mëttele Ridoë kaf huet a mat Schüleraarbechte den Iesssall dékoréiert huet, huet d'Architektin sech opgereegt, hiert 'Konzept' géif nët mi respektéiert gin. An de neie Container, di deeselwechte Ministär opstelle gelooss huet, as d'Loft esou drechen, dass e Proff no enger Véierelstonn muss e Patt huele, well séng Strass ausgedrechent as; Lavaboë woren awer nët virgesin, mä hätte vun der Schoul misse mat eegene Mëttel kaf gin. Och hei schaalt ët, mä 't däerfe keng Biller oder Ridoën opgehaang gin, well ee soss mam Nol am Nopeschsall erauskënnt. Wann de Koschter en Haus brauch, seet hien dem Architekt, wéi ët soll ausgesin a wat en dra brauch. Firwat as dat nët och esou beim Staat? Firwat mengt de Bauteministär, e wéisst besser, wat eng Schoul brauch wi d'Pädagoge selwer?

**m.p.**